N°2607
Entrée le 15.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.07.2025
Chambre des Députés



Claude Wiseler
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15te Juli 2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.

Am Walgesetz (Artikel 131) ass festgehalen, dass Familljemememberen bis zum zweete Grad net dierfen zesummen als Deputéierten an der Chamber sëtzen. Mee, wéi ee WORT-Artikel vum 3te Juli 2025 schreift:

*"Da der Verweis in der Verfassung nun fehlt, gibt es im Wahlgesetz keine legale Basis mehr für die Inkompatibilität.".*

Dës Reegel bleift awer um Gemengenniveau weider bestoen (Artikel 196 vum Walgesetz) a féiert dozou, dass bei Familljemememberen op lokalem Niveau ee Mandataire op säi Mandat verzichte muss. Um nationale Niveau ass näischt keng Ännerung virgesinn, soudass Familljemememberen an Zukunft kéinten zesummen an der Chamber sëtzen.

Et geet grondsätzlech ëm d'Fro, ob et nach zäitgeméiss ass, tëschent bestuetenen Partneren z'ënnerscheeden. De WORT-Artikel werft dozou ee Punkt op:

*"In der Vergangenheit habe es bereits Fälle gegeben, in denen sich Paare entpacsten, nur um gemeinsam im Gemeinderat sitzen zu können. […] Auch wenn man sich entpacst, ist die Situation die gleiche. Man ist immer noch in einer Partnerschaft und lebt vielleicht zusammen."*

piraten.lu

PIRATEN

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet den Artikel 131 vum Walgesetz nach Wierkung?

2. Huet den Artikel 196 vum Wahlgesetz nach Wierkung?

3. Gëllt d'Reegel vun der Inkompabilitéit nach, wann zwou Persounen sech no der Zesummesetzung vum Gemengerot bestueden?

4. Muss ee vun de Partner oder Familljemembere bis zum drëtte Grad an deem Fall säi Mandat nom Bestietnis opginn?

5. Ass d'Regierung der Meenung, dass den Artikel 196 am Aklang ass mam Verfassungsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, wann ee bedenkt, dass zwee Familljemememberen am nationale Parlament zesummen dierfe sëtzen, mee net am Gemengerot?

6. Ass d'Regierung gewëllt fir eng Ännerung um Artikel 196 virzehuelen, fir méi Fairness tëschent nationalen an lokalen Mandatairen ze schafen?

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

N°2607
Entrée le 05.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister a vum Här Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°2607 vum 15. Juli 2025 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert d'Inkompatibilitéiten vun de Familljememberen an der Chamber an an de Gemengeréit.

Huet den Artikel 131 vum Walgesetz nach Wierkung?

D'Fro gëtt an enger Note de recherche vum 5. Mäerz 2025 vun der Cellule scientifique vun der Chambre des députés beliicht. Dës kënnt zum Schluss datt den Artikel 131 vum Walgesetz net méi verfassungskonform ass.

Den Artikel 65, dee bei der Verfassungsrevisioun agefouert gouf, stellt d'Onvereenbarkeet tëschent dem Mandat als Deputéierten an der Funktioun als Member vun der Regierung oder als Member vum Staatsrot fest. En gesäit zousätzlech vir, dass Onvereenbarkeete vu Funktioune kënnen duerch e Gesetz ausgebaut ginn.

Am Kader vun sengem Avis vum 16. Mee 2023 iwwert eng Proposition de loi, déi ënner anerem eng Ännerung vum Artikel 131 vum Walgesetz virgesinn huet, huet de Staatsrot gemengt, dass d'Sträiche vum Artikel 55 (pre Revisioun) aus der Verfassung dem Gesetzgeber d'Méiglechkeet geholl hätt, weider Onvereenbarkeeten virzegesinn oder bäizebehalen – besonnesch déi betreffend Familljebezéiungen a Bestietnis, esou wéi se am Artikel 131 virgesi waren.

Huet den Artikel 196 vum Wahlgesetz nach Wierkung?

Den Artikel 196 vum Walgesetz gëtt applizéiert.

Gëllt d'Reegel vun der Inkompabilitéit nach, wann zwou Persounen sech no der Zesummesetzung vum Gemengerot bestueden?

Laut Artikel 196, Alinea 5 vum Walgesetz gëllt: « Une alliance ou un partenariat survenu ultérieurement entre les membres du conseil n'emporte pas révocation de leur mandat. »

Muss ee vun de Partner oder Familljemembere bis zum drëtte Grad an deem Fall säi Mandat nom Bestietnis opginn?

Nee.

Ass d'Regierung der Meenung, dass den Artikel 196 am Aklang ass mam Verfassungsprinzip vun der Gläichheet virum Gesetz, wann ee bedenkt, dass zwee Familljememberen am nationale Parlament zesummen dierfe sëtzen, mee net am Gemengerot?

D'Inkompatibilitéit muss bestoe bleiwe fir ze verhënneren, dass eng Famill eng Emprise op de Gemengerot kritt.

Ass d'Regierung gewëllt fir eng Ännerung um Artikel 196 virzehuelen, fir méi Fairness tëschent nationalen an lokalen Mandatairen ze schafen?

Ech verweisen op d'Äntwert op déi zweet lescht Fro, d'Inkompatibilitéiten ginn an Zesummenaarbecht mam SYVICOL iwwerschafft.

Lëtzebuerg, de 5. August 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden